



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°6908 vum 28. September 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER

Ad 1)

Lëtzebuerg ënnerstëtzt eng aktiv Roll vun der UNO-Vollversammlung, besonnesch och wann et em wichtig Froe vu Fridden a Sécherheet geet an deenen den UNO-Sécherheetsrot geläämt ass. An deem Kontext kann een d'Bedeutung vun der Emergency Special Session vun der Vollversammlung iwwert d'Aggressioun vu Russland géint d'Ukrain ervirhiewen. Wann de Sécherheetsrot duerch de Veto vu Russland blockéiert gëtt an doduerch d'Haaptverantwortung net kann ausüben fir d'Erhale vum Weltfridden a vun der internationaler Sécherheet, déi d'Charta vun de Vereenten Natiounen him uvertraut, dann ass et un der Vollversammlung d'Verantwortung ze iwwerhuelen. Sait Mäerz 2022 huet Lëtzebuerg di véier Resolutiounen aktiv matgedroen, déi d'UNO-Vollversammlung am Kader vun der Emergency Special Session ugeholl huet fir di russesch Aggressioun ze condemnéieren.

Een anert Beispill fir d'Stärke vun der Roll vun der UNO-Vollversammlung ass déi sougenannte „Veto-Initiativ“, di der Vollversammlung e permanent Mandat gëtt fir eng Debatt ze halen am Fall vun engem Recours op de Veto am Sécherheetsrot. Dës Initiativ gouf vum Liechtenstein lancéiert an ass vu Lëtzebuerg mat ënnerstëtzt ginn. Sait der Adoptioun vun der Veto-Initiativ de 26. Abrëll 2022 gouf dësen neie Mechanismus schonn an zwee Fäll ëmgesat: den 8. Juni 2022, nom Veto vu China a Russland géint eng Resolutioun déi d'UNO-Sanktiounen géint Nordkorea verstärkt hätt, an den 21. Juli 2022, nom Veto vu Russland géint eng Resolutioun déi de Mechanismus fir di humanitär Hëllef iwwert d'Grenz vun der Tierkei a Syrien ze bréngen ëm 12 Méint verlängert hätt. An dëse kriteschen Zäiten ass et wichtig, d'UNO-Vollversammlung an domat de Multilateralismus ze stäerken andeems permanent Membere vum Sécherheetsrot zur Rechenschaft kënnen gezu gi wann se de Veto benotzen.

Ad 2)

Am Kader vun der Reform vum UNO-Sécherheetsrot setzt Lëtzebuerg sech mat anere Länner dofir an, dass de Sécherheetsrot méi representativ, méi effikass a redevabel gëtt an doduerch u Credibilitéit a Legitimitéit gewënnt.

E méi representative Sécherheetsrot : Lëtzebuerg ënnerstëtzt eng Erweiderung vum Sécherheetsrot an den zwou Kategorie vu Memberen, de permanenten a den net permanente Memberen. Mir setzen eis a fir eng méi grouss Presenz vun den afrikanesche Länner, vun de mëttelgroussen a klengen Staaten, dorënner och vun de klengen Inselstaaten am Sécherheetsrot.

E méi effikassen a redevabele Sécherheetsrot: Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Efforte fir de Recours op de Veto ze begrenzen. Mir gehéieren zu de méi wéi 100 UNO-Memberstaaten, déi zwou Initiativen an deem Kontext matdroen: di franséisch-mexikanesch Initiativ iwwer d'Suspensioun vum Veto a Fäll vu massiven Atrocitéiten, an de „Code de Conduite“ iwwert d'Aktioun vum Sécherheetsrot géint Genoziden, Verbrische géint d'Mënschlechkeet a Krichsverbrieche, dee vum Grupp ACT (fir Accountability, Coherence and Transparency) lancéiert gouf. Méi generell gesinn ass et néideg, d'Aarbechtsmethode vum Sécherheetsrot ze verbesseren, fir dass e méi transparent gëtt vis-à-vis vun der grousser Majoritéit vu Länner, di net Member vum Sécherheetsrot sinn, fir dass en d'Länner besser abënnt, di der UNO Truppen zu Verfügung stelle fir Operatiounen, déi vum Sécherheetsrot mandatéiert sinn, a fir dass d'Zesummenaarbecht besser klappt tëschent dem Sécherheetsrot an der UNO-Vollversammlung an aneren Instanzen, wéi zum Beispill der Peacebuilding Commission.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL